CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
20 FEV. 2020
1904

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi de Minister ugekënnegt huet, wäert am Kader vun der Aféierung vum gratis ëffentlechen Transport och den Adapto-Service gratis ginn, nodeems schonn dat lescht Joer verschiddenen Deputéierten aus der Oppositioun dëst gefrot haten, ënnert anerem an enger Motioun vum 19te Juni 2019. An dem Kontext ass eng Reform vum Adapto virgesinn, an der et dorëms geet, d'Krittäre fir d'Eligibilitéit vum Adapto ze iwwerschaffen. Den Adapto wäert an Zukunft also nei funktionéieren, woubäi sécher déi eng oder aner Verbesserung wäert kënnen agefouert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Ministère am Kader vun der Sécherheet an der Qualitéit vum Adapto-Service de Chauffere Formatiounen ubidden, fir verschidde Situatiounen am Kader vun hirer Aarbecht besser ze meeschteren (z.B. wat maache mat engem Passagéier, deen d'Bewosstsinn verléiert oder wéi reagéieren, wann eng Persoun een Epilepsieufall huet, etc.)?
   Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député